Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Native Village

Neihaischen
Guide and Scout Centre

scenes
scout centres of excellence for nature and environment

# Opruf Mataarbechter gesicht „ Fort Terraviva" um nationalen AvEx Camp 2023

No der Annulatioun wéinst COVID, organiséieren LGS endlech de groussen nationalen AvExCamp „Terraviva" zu Ettelbréck hannert der Däichhal, dest vum 17. – 27. Juli 2023. D'Ekipp Native Village ass gefrot gi fir beim Programm ze hëllefen(1 Dag laang pro Sous-Camp; also 4 Deeg.) D'Thema vum Camp sinn déi 4 Elementer; Äert,Waasser, Loft, a Feier.
D'Ekipp Native Village ass gefrot gi fir beim Programm ze hëllefen, an zwar mat engem groussen Escape Spill, wou a groussen Escape Room gebaut gët

Den Numm vun eisem Spill heescht „Fort Terraviva" a behandelt déi 4 Elementer vum Camp. Den Numm „Fort" steet fir de Raum, wou wärend engem ganzen Dag ongeféier 120 AvEx flott a spannend Abenteuer; Aufgaben a Rätsel musse meeschteren resp.léisen. Beim „Fort" inspiréiere mir eis um „Fort Boyard", enger Sendung op der franséischer Télé.

Jo, dir hutt richteg verstane, mir probéieren eng Festung als Escape Room ze bauen.

**D'Infrastruktur vum Fort „Terraviva":**

Fir dëse Fort, dien mir fir de Camp aus Holz, Paletten, Juchten,.... bauen, hunn mir vum 13. – 17. Juli 2023 Zäit, mat genuch Hëllef an engem Plang, absolut realiséierbar.



Ofgerappt gëtt eise Fort vum 27. – 30.7.2023.

Fir des „verréckten Iddien" brauche mir natierlech vill a gutt Leit; also DECH

**Wou genau brauche mir Hëllef? a wien?**

- Mir brauchen Leit, déi punktuell beim Opriichten/Ofriichten an/oder wärend dem Camp dobäi sinn. Jiddereen ass also wëllkomm; punktuell; wärend eenzel Deeg oder de ganze Camp

Fir dëse Projet unzegoen, ass et wichteg mat Zäit ze wëssen, weivill Mataarbechter mir hunn. Falls du elo interesséiert bass, **dann mell dech w.e.g sou schnell wéi meiglech beim Tom Lahr via** [tom.lahr@lgs.lu](mailto:tom.lahr@lgs.lu) **un**



Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss

Fir d'Ekipp „Fort Terraviva"
Tom Lahr



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG